LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister, vum Inneminister, a vun der Ministesch fir Verteidegung, op d'parlamentaresch Fro N° 4282 vum 21. Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen zum Sujet "Impact de la canicule sur les festivités du Nationalfeierdag".**

**1. Wéi gëtt der Sécherheet an der Gesondheet vum Personal an de Fräiwëllegen op de Feierlechkeeten Rechnung gedroen?**

D'Arméi, d'Police Grand-Ducale an de CGDIS hu fir déi ganz Zäit vun der Canicule präventiv Mesurë fir hir Mataarbechter, a besonnesch hiert operationellt Personal geholl, wéi zum Beispill eng Adaptatioun vun der Asazkleedung an aneren Tenuen, oder d'Bereetstelle vun Drénkwaasser.

Speziell fir d'Parade op Nationalfeierdag an der Haaptstad si follgend Mesurë geholl ginn:

- d'Tenuë goufen un déi héich Temperaturen ugepasst sou datt d'Arméi amplaz vun der Service-Dress-Jackett an der Krawatt, en Hiem an e Foulard gedroen huet. Och d'Tenue vun den Policebeamten gouf an deem Sënn ugepasst. D'Leit vum CGDIS hunn en Hiem mat kuerzen Äerm gedroen.
- de Ravitaillement gouf adaptéiert, mat genuch Drénkwaasser a Glacen,
- Wasserfontainen a Sprinkleranlagen goufen installéiert,
- wärend der Generalprouf an och der Parade selwer war e sougenannte *Soutien sanitaire en intervention*, dat heescht en Dokter an en Infirmier, agesat ginn resp. ee verstäerkten Appui médical,
- et waren Zelter virgesinn, fir Schiet ze maachen,
- Souwuel d'Personal vun der Arméi, der Police Grand-Ducale a vum CGDIS krute Sonnecrème zur Verfügung gestallt,
- All déi Betraffen hu sech sou gutt et goung am Schiet oder a klimatiséierte Raimlechkeeten opgehal a sinn ugewise ginn, vill Waasser ze drénken
- d'Dauer vum Arméisfest gouf gekierzt an d'Militär hunn amplaz vun der Combatvest an dem Beret e Polo an e Chapeau de brousse gedro.

Des Weideren huet de CGDIS säin *Dispositif de secours*, dee primär fir d'Spectateure vun der Parade agesat ginn ass, un den erhéichte Risiko ugepasst a verstäerkt.

Dëst war och de Fall bei anere Manifestatiounen am Land ronderëm Nationalfeierdag un deenen d'Arméi, d'Police Grand-Ducale oder de CGDIS an iergend enger Form bedeelegt war, wéi zum Beispill de Virowend vun Nationalfeierdag an der Stad, d'Visite vun der groussherzoglecher Koppel zu Déifferdeng, d'Cérémonie an der Philharmonie, de City Sounds, grad ewéi Cortègen a Feierlechkeeten an de Gemengen. Fir d'Organisatioun an d'Sécherheet vun de Manifestatiounen op lokalem Niveau ass doriwwer eraus all Gemeng am Kader vun hire gesetzleche Kompetenze selwer zoustänneg.

**2. Huet d'Regierung, zesumme mat de betraffene Verwaltungen an der Stad Lëtzebuerg, Upassunge um Programm virgesinn, wéi zum Beispill eng Verleeung vun der Militärparad op eng méi fréi oder méi spéit Auerzäit oder eng Limitatioun vun den Openthaltszäiten an der Sonn, zum Beispill duerch méi Schietplazen an Ofkillméiglechkeeten ?**

Am Virfeld vun de Feierlechkeeten zu Nationalfeierdag huet sech *d'cellule d'évaluation des risques intempéries et inondations* (CERI) jeeweils Mëttwochs de 17ten, Samschdes den 20ten a Méindes den

22ten Juni ënnert der Leedung vum HCPN getraff fir d'Situatioun ze analyséieren an d'Impakter zesumme mat all den implizéierten Acteuren ze bewäerten. Op Grond vun dësem strukturéierten Austausch hunn déi betraffe Ministère, Verwaltungen an Servicer, sou wéi och d'Stad Lëtzebuerg Mesuren ergraff fir d'Sécherheet an d'Gesondheet wärend de Feierlechkeeten beschtméiglech ze schützen.

Esou gouf ënner anerem den Oflaf vun der Militärparad gekierzt ; d'Arrivée vun den Autoritéite gouf esou kompriméiert dass d'Truppen insgesamt 15 Minutte manner an der Sonn stoungen, an d'Unitéite goufen och eréischt en place gesat wou d'Invitéeë bis souzen, esou dass d'Truppen nach eng Kéier bis zu 20 Minutte manner laang immobil an der Sonn stoungen an sech en attendant an de Schied stellen konnten an eppes drénken. Weider Waasserfontainen goufen opgestallt, gratis Drénkwaasser um City Sounds verdeelt, asw. Donieft huet och de Gesondheetsminisère eng Campagne lancéiert fir nach emol d'Recommandatiounen, wéi een sech kann virun engem Hëtzschlag schützen, ze widderhuelen. D'CERI huet dës verschidde Mesuren a Recommandatiounen iwwert hire Communiqué vum 22ten Juni der Ëffentlechkeet matgedeelt.

Lëtzebuerg, de 21. Juli 2026
De Premierminister,
(s.) Luc FRIEDEN